FACULTÉ DES SCIENCES HUMAINES, DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION ET DES SCIENCES SOCIALES





GUIDE

# Dialogescht Liesen

FIR ELTEREN, ERZÉIER AN ERZÉIERINNEN

*„Reegelméissegt Virliesen ass wichteg fir kleng Kanner a* ***soll Freed maachen.***



BILINGUALISM MATTERS @Luxembourg
Service national de la jeunesse
Fonds National de la Recherche Luxembourg
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

## Wat ass dialogescht Liesen?

- Dialogescht Liesen ass eng interaktiv Manéier fir ze liesen, bei där Erwuessener (Elteren, Erzéiungsberechtegter, Erzéier an Erzéierinnen, Enseignanten an Enseignanteën) Kanner encouragéieren, iwwer e Buch ze schwätzen, an hinne Feedback ginn.
- Déi Erwuesse liese mat de Kanner an net iwwert hir Käpp ewech. Se hëllefen de Kanner, aktiv beim Liese matzemaachen a selwer Erzieler ze ginn.
- Reegelméissegt Virliesen ass wichteg fir kleng Kanner a soll Freed maachen.



> *Dialogescht Liesen ass eng interaktiv Manéier fir ze liesen.*

## Firwat ass dialogescht Liese wichteg?



Studien hu gewisen, datt dat dialogescht Liesen de Kanner hir mëndlech Sproochentwécklung (z. B. Vocabulaire, Ausdrock, Héierverstoen), hir Erzielfäegkeeten a fréi *Literacy*-Fäegkeete fërdert. Fréi Literacy-Fäegkeete si Fäegkeeten, Wëssen an Attitüden, déi de Kanner hëllefen, ze liesen an ze schreiwen, an déi hir spéider Lies- a Schreifkompetenze beaflossen.

Dialogescht Liese kreéiert positiv Lieserfarungen a stimuléiert de Kanner hiren Interessi u Bicher an hir Motivatioun, fir selwer ze liesen.

> *Dialogescht Liesen fërdert Sproochentwécklung a fréi Literacy Fäegkeeten.*

# Wat ass meng Roll beim dialogesche Liesen?

## VIRUM LIESEN

Wielt Bicher aus, déi dem Alter vun de Kanner entspriechen, déi also inhaltlech a sproochlech fir d'Kanner gëeegent an interessant sinn.

- D'Bicher solle visuell an haptesch attraktiv sinn an d'Kanner encouragéieren ze interagéieren. D'**Biller sollen den Text ergänzen**, verständlech sinn an interessant Detailer enthalen.
- **D'Bicher solle Personnagen an Theeme presentéieren, mat deenen d'Kanner sech kënnen identifizéieren.** Passt bei Ärer Auswiel op stereotypesch oder diskriminatoresch Biller op. Méisproochegkeet a kulturell Diversitéit sollen an de Kannerbicher als eppes Normales duergestallt ginn.

Fir Kanner fir d'Liesen ze begeeschteren, wielt e **vertraut Ëmfeld**, an deem Dir net gestéiert gitt. Haalt d'Opmierksamkeet an d'Interessie vun de Kanner am Bléck.

## BEIM LIESEN

Wat kënnt Dir maachen, fir d'Sprooch vun de Kanner beim dialogesche Liesen ze entwéckelen?

- Benotzt **Mimik a Gesten**, fir de Kanner beim Verstoe vum Text ze hëllefen. Dir kënnt den Text un d'Sproochfäegkeete vun de Kanner upassen.
- Liest **ausdrocksvoll** a mat Pausen, sou dass d'Kanner Zäit hu fir ze reagéieren.
- **Encouragéiert** d'Kanner, d'Geschicht mat hiren eegenen Erfarungen an hirem Virwëssen ze verbannen.
- Benotzt, wann néideg, d'**Familljesprooche** vun de Kanner, fir se beim Verstoen ze ënnerstëtzen. Evitéiert awer, systematesch ze iwwersetzen.
- Encouragéiert Interaktioune mat de Kanner, andeems Dir **Froe stellt** a Feedback gitt.

Wat kënnt Dir maachen, fir de Kanner hir fréi Literacy-Fäegkeeten am dialogesche Liesen ze entwéckelen?

- Kanner vu **6 bis 12 Méint** kënnt Dir encouragéieren, d'Buch selwer ze huelen, d'Säiten ëmzedréinen a mat Elementer aus dem Buch ze spillen.
- Kanner **vun 12 Méint u** kënnt Dir encouragéieren, Saachen a Biller ze benennen a se mam Text ze verbannen. Wann Dir liest, kënnt Dir mat Ärem Fanger op eenzel Wierder weisen oder de Fanger ënnert de Wierder a Liesrichtung beweegen.

## NOM LIESEN

- D'Kanner genéissen et, déi **selwecht Geschicht** ëmmer erëm ze héieren. Wann Dir eng Geschicht e puer Mol liest, bannt d'Kanner ëmmer méi an d'Erzielen an.
- Stellt de Kanner d'Bicher, déi Dir gelies hutt, zur Verfügung, fir datt se Zougang hunn a kënnen **eleng „liesen"**.
- Encouragéiert d'Kanner, **iwwert d'Buch ze schwätzen** an nozedenken, zum Beispill andeems se d'Geschicht zeechnen oder nospillen.



## Wéi interagéieren ech mat Kanner, wann ech dialogesch liesen?

Wann Dir liest, beobacht d'Kanner a lauschtert hinne gutt no. Stellt Froen, reagéiert op de Kanner hir Äntwerten a gitt Feedback. Elaboréiert d'Aussoe vun de Kanner, andeems Dir eng méi räich Sprooch gebraucht. Op dës Manéier héieren d'Kanner Aussoen, déi e bësse méi komplex si wéi dat, wat se selwer kënne produzéieren.

**Mir illustréieren d'Strategië mat engem Beispill an erkläre se méi spéit am Text.**

Den Erwuessenen an d'Kand kucken d'Buch *„Brown Bear, Brown Bear, who see you…?"* vum Bill Martin Jr. & Eric Carle (1967).

*Erwuessener*

Dat blot Päerd gesäit och en Déier. Completéierung

*Kand*

Fräsch. Quak, quak.

Jo, e Fräsch. Feedback
Hie quaakt. Erweiderung

En ass gréng. Il saute.

Du hues Recht, e spréngt. Feedback | Iwwersetzung
E Fräsch spréngt ganz wäit. Erweiderung

Spréngt. Widderhuelung






## FROEN

Fir Interaktiounen ze encouragéieren, kënnt Dir verschidden Aarte vun Impulser a Froe jee nom Alter an de Fäegkeete vun de Kanner benotzen.

- Completéierungen encouragéieren d'Kanner, mam Buch ze interagéieren. Dat geschitt zum Beispill, wann Dir **d'Kanner encouragéiert**, op d'Biller am Buch ze weisen, eppes ze beréieren oder e Saz ze completéiere wéi z. B. „*Bronge Bier, bronge Bier, wie ...?*"
- W-Froen *(wien, wat, wou, wéini a wéi)* verlaange méi laang Äntwerten. Kanner vun **2 bis 3 Joer** kënnen einfach Froe beäntweren, z. B. „*Wéi en Déier gesäit de Bier?*". Kanner vun **3 Joer** u kënnen och Firwat- a Wéi-Froe beäntweren, déi se encouragéieren, **Verbindungen** ze maachen an den Text ze interpretéieren.
- Oppe Froen ënnerscheede sech vun zouene Froen, déi nëmmen eng Äntwert hunn („*Wat fir eng Faarf huet d'Int?*"). **Oppe Froe verlaangen Erklärungen** a méi detailléiert Äntwerten. Froe wéi „*Wéi mengt Dir, datt d'Kanner sech fillen?*" a „*Wéi kéint d'Geschicht nach ausgoen?*" encouragéieren d'Kanner, sech mat de **Gefiller a Motivatioune vun de Personnagen** ausenanerzesetzen oder sech en anere Schluss auszedenken.
- Erënnerungsfroe fir Kanner **vu 4 Joer** u verlaangen, datt d'Kanner sech u bestëmmt Informatiounen aus enger Geschicht **erënneren an déi verbaliséieren.**

  Beispill: „*Wat ass an der Geschicht geschitt, wéi ...?*"

- Distanzfroen encouragéiere Kanner **vu 4 Joer** un, den Inhalt vum Buch mat hiren eegenen Erfarungen an hirem **Virwëssen ze verbannen.**

  Beispill: „*D'Kanner am Buch gesi verschidden Déieren.*
  *Wéini hues du vill Déiere gesinn?*""



> *Freed um Léiere*
> *vu neie Wierder hunn.*

## FEEDBACK

Gitt dem Kand **Feedback**, sou datt Dir seng richteg Äntwerte bestätegt oder falsch Aussoe verbessert (korrektive Feedback).

Beispill: *D'Kand weist op de Fräsch a benennt e richteg. Dir bestätegt: „Jo, e Fräsch." Wann d'Kand seet, „il saute", kënnt Dir d'Äntwert bestätegen an iwwersetzen.*

## VERLÄNGERUNG

Elaboréiert kuerz Aussoe vun de Kanner. Benotzt méi e **räiche Vocabulaire** a méi eng komplex Sazstruktur oder gitt Detailer bäi.

Beispill: *D'Kand imitéiert e Fräsch a seet „Quak, quak" an Dir gitt em de passenden Ausdrock „e quaakt". Dir kënnt och Informatiounen derbäifügen, z. B. wéi wäit Fräsche sprangen.*

## WIDDERHUELUNG

Kanner widderhuele vläicht d'Wuert „sprangen", well se **gären nei Wierder léieren**. Wann d'Kanner d'Wuert net soen, kënnt Dir d'Wuert widderhuelen oder d'Kanner encouragéieren, et kloer auszeschwätzen.

### Zousätzlech Literatur


Project *Collaboration with parents and development of multiliteries in early childhood education* (COMPARE): https://compare.uni.lu

Barnes, E.M., Dickinson, D.K. & JGrifenhagen, F.J. (2017). The role of teacher's comments during book reading in children's vocabulary growth. *The Journal of Educational Research*, 110(5), 515–527.

Bond, M. & Wasik, B. (2009) Conversation Stations: Promoting Language Development in Young Children. Early Childhood Educ Journal, (36), 467–473.

Martin, B. & Carle, E. (1967). *Brown Bear, Brown Bear, What Do You See?* New York: Henry Holt and Company

Whitehurst, G.J., Falco, F.L., Lonigan, C., Fischel, J.E., DeBaryshe, B.D., Valdez-Menchaca, M.C., &Caulfield, M. (1988). Accelerating language development through picture book reading. *Developmental Psychology*, 24, 552–558.


### Referenz


Kirsch, C., Kemp, V., & Bebić-Crestany, D. (2023) Guide: Dialogescht Liesen fir Elteren, Erzéier an Erzéierinnen. Esch-Alzette: Universitéit Lëtzebuerg